N°2995
Entrée le 18.11.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

**Äntwert vum Finanzminister, Gilles Roth, op d'parlamentaresch Fro n°2995 vum 7 Oktober 2025 vum éierbaren Deputéierten Sven Clement iwwer d'Uwendung vum steierleche Regime fir auslännesch Aarbechter**

**1. War et d'Intentioun vum Gesetzgeber, datt de Virdeel vum Regime, deen am Artikel 115(13b) virgesinn ass, op eng Ufro limitéiert ass, déi am éischte Joer gemaach gouf an ouni Ënnerbriechung weidergefouert gëtt, oder ass dat eng administrativ Interpretatioun, déi iwwer den ofgestëmmten Text erausgeet?**

**2. Wann dëst net de Fall ass, huet d'Regierung dann d'Intentioun, d'Steierverwaltung drun z'erënneren, datt d'Konditioune fir d'Zouloossung déi sinn, déi gesetzlech festgeluecht sinn, a keng zousätzlech Reegelen, déi duerch administrativ Interpretatioun geschaf goufen?**

**3. Schätzt d'Regierung et als gerechtfäerdegt an, datt e Salarié, deen all gesetzlech Bedéngungen erfëllt, de Benefice vum Regime definitiv verléiert wéinst enger administrativer Omissioun vu sengem Employeur?**

D'Steierbefreiung vum aktuellen Artikel 115 Nummer 13b vum geännerte Gesetz vum 4. Dezember 1967 iwwert d'Akommessteier ass duerch d'Gesetz vum 24. Dezember 2024 agefouert ginn an ass zanter 2025 uwennbar.

D'Zil vun der Regierung beim Virschlag vun dëser gesetzlecher Moossnam besteet doran, e steierleche Kader ze schafen, deen einfach an attraktiv ass, fir Talenter op Lëtzebuerg unzezéien an domat de spezifësche Besoinen vun den Employeuren am Kontext vun hirer wirtschaftlecher Entwécklung gerecht ze ginn.

Wéi och schonn am vireschte Regimm fir "Impatriés" virgesinn wor, kann de Salarié just an de Genoss vun dëser Moossnam kommen, wann déi steierlech Begënschtegung direkt am Ufank ugefrot an applizéiert gëtt, an och duerno - fir jiddwer weidert d'Joer - ouni Ënnerbriechung fir all Joer ugefrot an ugewant gëtt. No enger Ënnerbriechung kann de Salarié deemno net méi an de Genoss vun dëser Moossnam kommen. Dës Interpretatioun ass vum Gesetzestext gedeckt, och wann den Text sech net explizit zu dësem Fall äussert.

Dës Positioun gëtt och vun der Steierverwaltung applizéiert, där hir Missioun et ass, eng konsequent an eenheetlech Uwendung vun de steierleche Bestëmmungen ze garantéieren.

Et ass virgesinn no enger gewëssener Zäit eng intern Evaluatioun vun der praktescher Ëmsetzung virzehuelen, fir op där Basis eventuell punktuell technesch Upassungen vum Gesetzestext virzeschloen.

Lëtzebuerg, den 18. November 2025
De Finanzminister
(s.) Gilles Roth